adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

n° 2339

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 5. Juni 2020

REÇU
Par AM Christian , 14:16, 05/06/2020
Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural, 8
Référence: 294/20
- 5 JUIN 2020
A traiter par:
Copie à:

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister an un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

Am Hibléck op d'COVID-19-Pandemie huet sech gewisen, datt d'Versuergungsweeër mat Liewensmëttel aus dem Ausland kënnen - krisebedéngt - ufälleg sinn. Och am Hibléck op d'Lëtzebuerger Wirtschaft ass et sënnvoll an nohalteg, datt esouwuel Privatpersounen an Haushalter, ewéi och Betriber, Kantinnen a Restauranten op regional Produkter kënnen zeréckgräifen. Et muss dofir séchergestallt ginn, datt déi genannten Acteuren och kënnen onkomplizéiert regional Liewensmëttel akafen. Fir datt virun allem d'Restauranten a Kantinnen net mussen op eng Onmass un ënnerschiddlechen Hiersteller vu regionale Produkter zeréckgräifen, respektiv, dës kontaktéieren, wär et sënnvoll, eng Plattform op d'Been ze stellen, déi d'Angebot vu regionale Produkter am Land geschäftsiwwergräifend koordinéiert an organiséiert. D'Landwirtschaftskummer huet mat hirer Initiativ „Sou schmaacht Lëtzebuerg" sécherlech dozou bäigedroen, regional Produkter och fir d'Restaurante méi an de Virdergrond ze réckelen. Dës Initiativ, déi jo och vum Landwirtschaftsministère ënnerstëzt gëtt, huet awer haaptsächlech d'Aufgab, Persounen a Betriber ze sensibiliséieren, regional anzekafen an ersetzt op kee Fall déi uewe genannte Plattform. Wéi schonn ugedeit, ass et fir déi meescht Restauranten en ze groussen Opwand, Ubidder vu regionale Produkter eenzel ze kontaktéieren, eng geschäftsiwwergräifend - gemengt sinn d'Hiersteller vu lokale Produkter - Plattform fir de Verkaf wär dofir méi ewéi sënnvoll

An deem Kontext wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Wär et an den Ae vun der Regierung net sënnvoll, eng Versuergungsplattform mat regionale Liewensmëttel ze förderen, respektiv, op d'Been ze stellen, fir et sou virun allem de Restauranten a Kantinnen ze erméiglechen, méi einfach op regional Liewensmëttel zeréckzegräifen? Ewéi uewe festgestallt, kéint dës Plattform d'Angebot vu regionale Produkter am Land geschäftsiwwergräifend koordinéieren an organiséieren.

2. Wa jo, wéi soll dës Ëmsetzung konkret ausgesinn an a wéi engem zäitleche Kader kann domat gerechent ginn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

ADR - Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 05 juin 2020

Objet : Question parlementaire n° 2339 du 05.06.2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen - Plateforme de promotion des produits régionaux

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture et du
Développement rural

Dossier suivi par : M. André LOOS
Tél : 247-82530

Réf.: 294/2020

Monsieur Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement

Service Central de Législation

LUXEMBOURG

Luxembourg, le 03. 07. 20

Objet: Question parlementaire n°2339 de l'honorable Député Monsieur Jeff Engelen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, la réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural et de Monsieur le Ministre de l'Economie à la question parlementaire citée sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Le Ministre de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural,

Romain SCHNEIDER

Réponse commune du Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural et du Ministre de l'Economie à la question parlementaire n° 2339 de l'honorable député Monsieur Jeff Engelen

1. **Wär et an den Ae vun der Regierung net sënnvoll, eng Versuergungsplattform mat regionale Liewensmëttel ze förderen respektiv op d'Been ze stellen, fir et sou virun allem de Restauranten a Kantinnen ze erméiglechen, méi einfach op regional Liewensmëttel zeréckzegräifen? Ewéi uewe festgestallt, kéint dës Plattform d'Angebot vu regionale Produkter am Land geschäftsiwwergräifend koordinéieren an organiséieren.**

2. **Wa jo, wéi soll dës Ëmsetzung konkret ausgesinn an a wéi engem zäitleche Kader kann domat gerechent ginn?**

Dat ass sécherlech eng interessant Iddi fir eng Aart virtuell "Versuergungsplattform" anzeriichten, wouriwwer ee kënnt geschäftsiwwergräifend d'Angebot vu regionale Produkter am Land koordinéieren an organiséieren. Dat géing sécherlech de Kantinnen a Restauranten erméiglechen, een Iwwerbléck ze kréien, wat zu wéi engem Zäitpunkt an a wéi enger Qualitéit an a wéi enge Quantitéite virläit. Esou Iddie vun enger virtueller Zentral d'achat sinn och schonns do gewiescht. Sécherlech kritt den interesséierte Restaurants- a Kantinnsbedreiwer och Abléck vun den eenzelen Acteuren aus dem Grousshandel, wat u Lëtzebuerger Produkter am Angebot ass, mee dat ass vläicht net ëmmer ee genaut d'Spigelbild vun dem reellen Angebot. Ob esou enger Plattform kéinten zum Beispill och déi eenzel landwirtschaftlech Betriber resp. Cooperativen als Bündeler schonns Wochen/Deeg am viraus nei Recolte vu landwirtschaftleche Produkter ukënnegen, wat dann och planeresch de Kantinnen et géing erlaben, doropshin hir Menüplanungen a Bestellungen auszeriichten. Am Umkehrschluss kéinten och d'Kantinnsbedreiwer hir speziell Demanden opginn. Sécherlech misst een sech an dësem Kontext och iwwerleeën, wéi de landwirtschaftleche Produzent kéint do méi massgebend Präisangeboter matbestëmmen. Natierlech ass déi Plattform wéi bei allem nëmmen esou gutt wéi deen, deen se mat Informatioune „fiddert" an dës Informatiounen och à jour hält, interessant Produktbeschreiwungen a Fotoe vu Produkter op d'Plattform setzt a versicht, och deen eenzelen Produkter ee „Gesiicht" ze ginn, well mir jo och wëllen de Produzent dem Konsument rëm méi nobréngen, an ëmgedréint och. Esou eng Plattform misst op jiddwerfall „userfriendly" ugeluecht sinn.

Et wär ze kucken, op bestoend Plattform wéi „Letzshop.lu" oder aner bestoend Initiativen, déi zum Deel schonns an dës Richtung ginn, net esou eng Offer och kéinte mat ofdecken oder op et éischter sënnvoll ass, eng speziell Plattform ze schaffen, fir der ganzer Saach nach méi Visibilitéit ze ginn oder well vläicht speziell Funktionalitéite gebraucht ginn.

Am Kader vum "plan de relance pour l'agriculture" zéien mir elo eng Parti Pilotprojet'en aus dem Bioaktiounsplang vir, wou et dorëms geet (a Concertatioun mat den concernéierten Ministèren) an ëffentlechen Kantinnen sief et an enger Crèche, Schoul, Altersheim oder Spidol mam gudde Beispill virzegoen an lokal an Bioprodukter aus Lëtzebuerg virzezéien an zwar mam Ziel fir ee % vun 50 % lëtzebuerger Produit'en ze erreechen.

Déi heibäi erziilten Erfahrungen kënnen sécherlech ganz nëtzlech sinn fir sou eng Plattform opzebauen.